

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2021


Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

An engem „Oppene Bréif un d'Manifestanten vum leschte Samschdeg“, vum 7. Dezember 2021, deen den 10. Dezember 2021 an der „Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek“ publizéiert gouf, kritiséiert de Musée national de la Résistance et des Droits Humains d'Demonstranten, déi de Samschdeg, 4. Dezember 2021, géint d'Corona-Moosname vun der Regierung protestéiert hunn. An dësem Bréif gëtt net ënnerscheet tëscht der Majoritéit vu friddleche Manifestanten an deenen, déi hire Protest op eng net friddlech Manéier ausgedréckt hunn. Pauschal ginn d'Demonstrante mat deene Persoune verglach, déi uganks 2021 de Kapitol zu Washington gestiermt hunn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Kann d'Madamm Minister preziséieren, ob dësen „Oppene Bréif“ ofgeschwat gouf mam Kulturministère?
- 2) Wier et fir d'Madamm Minister akzeptabel, wann ee Musée sech géif mat den Demonstrante vum leschte Samschdeg solidariséieren an een oppene Bréif an deem Sënn géing verëffentlechen?
- 3) Geet d'Madamm Minister dervun aus, datt d'Muséeën hei am Land d'Recht an d'Aufgab hunn, sech an „oppene Bréiwer“ oder op engem anere Wee zu gesellschaftspolitesche Sujeten ze äusseren, bzw., wat hei de Fall ass, d'Regierungspolitik ze validéieren? Ass dat net e Wee hin zu enger Politiséierung vun de Muséeën?
- 4) Am „Oppene Bréif“ heescht et: „Et ass duerchaus warscheinlech, dass bei enger Volleksofstëmmung iwwert Covid-Reegelen eng Majoritéit vun de Lëtzebuerger Bierger de Kurs vun der Regierung géif ënnerstëtzen“. Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt et engem Musée zousteet, sech iwwer den Ausgang vun hypothetesch Volleksofstëmmungen zu Sujeten, déi net am Kompetenzfeld vum betreffende Musée leien, ze äusseren?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup
Deputéierten